N°2772
Entrée le 12.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.08.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den Ëmweltminister huet op meng lescht Fro hin bestätegt, datt invasiv Déierenaarten am Brakeweier op der Kockelscheier am Kader vun de Botzaarbechten dout gemaach ginn (Fro n°2578).

Wéi vill Déieren dat sinn a wéi eng Déierenaarten, dat wäerte mer zu engem spéideren Zäitpunkt vum Ëmweltminister wësse gedoe ginn. Grad d'Informatioun, ëm wéi eng Déierenaarten et sech handelt, ass awer pertinent aus der Siicht vum Déiereschutz.

A menge Froen n°1976 an 2145 hat ech schonns drop opmierksam gemaach, dass et problemaatesch ass, dass een Déieren einfach esou a Baumäärt, nieft Faarwen, Schrauwen an Dünger kafe kann.

Esou kann een zu Beispill Schildkröten einfach esou kafen. Dës Déiere ginn natierlech net registréiert an esou kënnen onverantwortlech Proprietairen, déi d'Déier net méi wëllen, et einfach dobaussen an der Natur, zum Beispill um Brakeweier, aussetzen. Dës "invasiv" Déiere ginn da mat dout gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Sinn ënnert den invasiven Zorten um Brakeweier och Déieren, déi een am fräien Handel zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun ka kafen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés